ERKLÄRUNG VUM ENQUETEUR

Ech erklären dass dëse Protokoll richteg an éierlech d'Interviewgespréich erëmgët datt ech selwer geféiert hun mat enger Persoun, déi mir virdrun nët perséinlech bekannt war.
D'Gespréich an d'Selektioun vun der P.I. sin alle Regelen no gemaach gin, an de Protokoll as während dem Gespréich ausgefëllt gin.

DAUER VUM GESPREICH ..... DATUM .....

NUMM ENQUETEUR ..... ENNERSCHREFT .....

Contrôlé par:

Carte de contrôle:

Contrôle téléphonique:

| | | |
|---|---|---|
| 001. | Sid dir Lëtzebuerger?<br>WANN NEE: NET WEIDER ENQUETEIEREN | 1 - jo<br>2 - nee |
| 124. | Wéieng Sprooch gët bei Iech am Stot geschwat? | 1 - franzéisch<br>2 - déitsch<br>3 - lëtzebuergesch<br>4 - eng aner Sprooch |
| 125. | Am Verglaach mat 1983, mengt Dir datt -1984- e Joer vu wirtschaftlechem Wuehlstand gët, vu wirtschaftlechen Schwieregkeeten oder bleiwt et ongeféier d'selwecht? | 1 - wirtschaftlechem Wuehlstand<br>2 - wirtschaftlech Schwieregkeeten<br>3 - bleiwt ongeféier d'selwecht<br>0 - ? |
| 127. | Wat Iech selwer ubelaangt, mengt Dir datt d'nächst Joer -1984- besser oder manner gut gët ewéi 1983? | 1 - besser<br>2 - manner gut<br>3 - bleiwt selwecht<br>0 - ? |
| 126.<br>128/<br>129. | Wann Dir un d'nächst Joer -1984- denkt mengt Dir datt... | |
| | 126 .. d'Zuel vun den Aarbechtslosen hei zu Lëtzebuerg eropgeet, erofgeet oder d'selwecht bleiwt? | 1 - geet erop<br>2 - geet erof<br>3 - bleiwt d'selwecht<br>0 - ? |
| | 128 .. d'Zuel vun de Streiks an den Sozialkonflikter hei zu Lëtzebuerg eropgeet, erofgeet oder um jetzegen Niveau bleiwen wärt? | 1 - geet erop<br>2 - geet erof<br>3 - selwechte Niveau<br>0 - ? |
| | 129 .. et zimlech e rouegt Joer gët ouni vill international Konflikter oder en onrouegt Joer mat villen internationalen Streidereien, oder bleiwt et d'selwecht wéi bis elo? | 1 - zimlech roueg<br>2 - onroueg<br>3 - bleiwt d'selwecht<br>0 - ? |
| 130. | Hei gesit Dir eng Art Skalaire.<br>KAART A WEISEN<br>Wéi héich schätzt Dir d'Gefor vun engem Weltkrich an denen nächsten 10 Joer? Kënnt Dir mir dat un Hand vun dësem Skalaire weisen? | Y - 100 - Weltkrich sécher<br>X - 90 -<br>0 - 80 -<br>1 - 70 -<br>2 - 60 -<br>3 - 50 -<br>4 - 40 -<br>5 - 30 -<br>6 - 20 -<br>7 - 10 -<br>8 - 0 - keng Krichsgefor<br>E - ? |
| 131. | Wéi mengt Dir datt d'allgemeng Wirtschaftslag sech hei am Land, während denen leschten 12 Méint, geännert huet?<br>Mengt Dir sie wir ... | 1 .. vill besser gin<br>2 .. e bëschen besser gin<br>3 .. d'selwecht bliwwen<br>4 .. e bëschen manner gut gin<br>5 .. vill manner gut gin<br>0 .. ? |
| 132. | As d'Finanzlag vun Arem Stot, am Vergläich mat virun 12 Méint, am Moment ... | 1 .. vill besser<br>2 .. e bëschen besser<br>3 .. d'selwecht<br>4 .. e bëschen manner gut<br>5 .. vill manner gut<br>0 .. ? |
| 147. | Wien as an Arem Stot den Haaptverdénger? | 1 - Dir selwer<br>2 - Aren Partner<br>3 - déi zwee, een esou vill wéi deen Anere<br>4 - eng aner Persoun |

Ech gëif Iech gären 3 Froen iwwert dëi Persoun stellen, dëi den Haaptverdénger bei Iech am Stot as, ob Dir dat elo selwer sid oder een Aneren (wann "Dir esou vill wéi deen Aneren verdéngt", entwert fir Iech selwer).

148/ 149. ALTER vum Haaptverdénger .....

150/ 151. BESCHAEFTEGUNG vum Haaptverdénger: Kënnt Dir op dëser KAART kucken [KAART B WEISEN] an mir soen wéieng Kategorie fir Iech zoutrëfft)?

ONOFHÄNGEG BESCHAEFTEGUNG

01 Bauer (Betrieb vun manner ewéi 15 Hectares)
02 Bauer (Betrieb vun méi ewéi 15 Hectares)
03 Commerce, Industrie, Handwierk (Personal bis 5 Leit)
04 Commerce, Industrie, Handwierk (Personal 6 oder méi Leit)
05 Freiberuffler den op sech schafft (Dokter, Expert-Comptabel, Affekot, etc..)

SALARIEIERT, MANUEL BESCHÄFTEGUNG

06 qualifizéierten Aarbechter
07 onqualifizéierten Aarbechter

SALARIEIERT, NET-MANUEL BESCHÄFTEGUNG

08 Freiberuffler den ugestallt as (Doktor, Expert-Comptabel, Affekot etc..)
09 Cadre supérieur am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 5 oder manner Leit ënnert sech)
10 Cadre supérieur am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 6 oder méi Leit ënnert sech)
11 Cadre moyen am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 5 oder manner Leit ënnert sech)
12 Cadre moyen am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 6 oder méi Leit ënnert sech)
13 Aner Salariéierten déi an engem Bureau schaffen
14 Aner Salariéierten déi nët an engem Bureau schaffen

OUNI BEZUELTEN BESCHÄFTEGUNG

15 am Moment ouni Aarbecht
16 Hausfra, (déi nëmmen am Haus schafft, déi keng Rent oder soss en Akommes huet)
17 Student, nach am gaangen ze studéieren
18 Pensionnéiert
19 aner Fäll

152. BILDUNGSNIVEAU vum Haaptverdénger: Kënnt Dir op dëser Kaart kucken [KAART C WEISEN] a mir soen wéieng Kategorie fir den Haaptverdénger zoutrëfft?

1 - as nët an d'Schoul gaangen: huet seng Primärschoul nët färdech gemaach.
2 - huet mat 16 Joer oder virdrun mat den ganztäglechen Studien opgehaalen an huet keng weider Studien gemaach.
3 - huet mat 17, 18 oder 19 Joer mat den ganztäglechen Studien opgehaalen an huet keng weider Studien gemaach.
4 - huet nach no 19 Joer studéiert, awer nët op enger Universitéit oder Héichschoul, oder Fachschoul.
5 - huet nach no 19 Joer studéiert op enger Universitéit, Héichschoul oder Fachschoul.

153. Sid Dir am Allgemengen mat dem Liewen dat Dir fëiert ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden?
1 - ganz zefridden
2 - éischter zefridden
3 - éischter nët zefridden
4 - guer nët zefridden
0 - ?

154. Sid Dir am Allgemengen ganz zefridden, éischter zefridden, éischter nët zefridden oder guer nët zefridden mat der Art a Weis wéi hei zu Lëtzebuerg d'Demokratie fonktionnéiert?
1 - ganz zefridden
2 - éischter zefridden
3 - éischter nët zefridden
4 - guer nët zefridden
0 - ?

155. Wann et sech em eng Menong handelt déi Iech zu Härze geet, kënnt et do fir dat Dir Ar Frënn, Ar Famill oder Ar Aarbechtskollegen dervun iwwerzeegt Ar Menong unzuhuelen? Geschitt dat...
1 .. dacks
2 .. heiansdo
3 .. selen
4 .. nie
0 .. ?

156/ 157. Et gët vill geschwat iwwer d'Zieler déi Lëtzebuerg sech misst fir déi nächst 10 oder 15 Joer setzen. Op dëser Kaart stin Zieler déi verschidden Leit gär als Prioritéit géingen gesinn. [KAART D WEISEN]
Kënnt Dir mir soen wat fir eent Dir perséinlech an op d'laang Dauer als dat Eischtwichtegst ugesitt?
An wat as Arer Menong no dat Zweetwichtegst? NEMMEN ENG ENTWERT AN ALL KOLONN

| 247. éischt | 248. zweet | |
|---|---|---|
| 1 | 1 | - d'Uerdnung am Land ze behalen |
| 2 | 2 | - de Bierger d'Méiglechkeet ze gin fir méi un denen wichtegen Entschedongen vun der Regierung deel ze huelen |
| 3 | 3 | - géint Präissteigerungen ze kämpfen |
| 4 | 4 | - d'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir datt jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt) |
| 0 | 0 | - ? |

158. Loosse mer unhuelen datt wiélen goen hei zu Lëtzebuerg nët obligatoresch wär: wann dann muer hei zu Lëtzebuerg Chamberwalen wären, géif Dir secher oder wahrscheinlech stëmmen goen, oder géift Dir secher oder wahrscheinlech nët stëmmen goen?
1 - géif secher stëmmen
2 - géif wahrscheinlech stëmmen
3 - géif wahrscheinlech nët stëmmen
4 - géif secher nët stëmmen
5 - dat hängt dervun of (SPONTAN)
0 - ?

159. Alles an allem, op wat fir engem Niveau steet Ar Famill wann et sech em de Liewensstandart handelt? Dir kënnt entwerten an deem der mir eng Ziffer tëschent 1 a 7 gitt. [KAART E WEISEN]. D'Ziffer 1 heescht "arm Famill", d'Ziffer 7 heescht "räich Famill". Déi aner Zifferen sin fir Positiounen der tëschent.

| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | ? = 0 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| arm | | | | | | räich | |

160. An wann Dir elo Lëtzebuerg mat all denen aneren Länner aus der Welt vergläicht an zwar wéi arm oder räich mir sin op, wéieen Niveau setzt Dir Lëtzebuerg dann?

| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 | ? = 0 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| arm | | | | | | räich | |

161/ 169. Hei as eng Lëscht mat verschiddenen Problemer, un denen d'Lëtzebuerger méi oder wéineger interesséiert sin. [KAART F WEISEN]. Fir all Probleem, kënnt Dir mir do soen, op Dir selwer dee Probleem ganz wichteg, wichteg, wéineg wichteg oder guer nët wichteg fannt?

| | ganz wichteg | wichteg | wéineg wichteg | guer nët wichteg | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 161. D'Ennerscheeder zwëschent den Regiounen vum Land méi kleng maachen, andem denen manner entwëckelten Regiounen oder déi die an der Kris sin, gehollef gët. | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 162. D'Energieversuergung garantéieren | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 163. Et esou maachen dat et manner ganz räich an manner ganz arm Leit gët | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 164. Géint den Terrorismus kämpfen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 165. Denen armen Länner an Afrika, Südamerika an Asien hëllefen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 166. Géint de Chômage kämpfen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 167. D'Interessen vun Lëtzebuerg vis-à-vis vun den Supermächten (USA an Sowjet-Union) verdeedegen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 168. D'Natur schützen an géint Verschmotzung kämpfen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 169. Eis militäresch Verdeedegungskapazitéiten verstärken, géint eventuell Feinden | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

170/ 171. Wann Dir drun denkt wéi d'Welt an 10 Joer ausgesäit, wéi denkt Dir dat d'Saachen sech dann entwéckelt hun?

ENG ENTWERT FIR ALL PUNKT

| | 170 JO | 171 NE |
|---|---|---|
| - Déi international Spannungen wärten manner stark sin | 1 | 1 |
| - D'Ennerscheeder am Liewensstandard tëschent denen räichen an denen armen Länner wärten méi kleng sin | 2 | 2 |
| - Den Honger an der Welt wärt zeréck gaangen sin | 3 | 3 |
| - Den wëssenschaftlechen an technologechen Fortschrëtt wärt d'Situatioun an denen méi armen Länner verbessert hun | 4 | 4 |
| - Et wärt e bessert Verständnis tëschent den entwéckelten an denen aneren Länner sin | 5 | 5 |
| - Buedemschätz vun der Welt wärten op eng méi iwwerluechten Art a Weis gebraucht gin an dat am Interessi vun denen zukünftegen Generatiounen | 6 | 6 |

172/ 176. Hei as eng Lëscht mat verschidden Weltregiounen. [KAART G WEISEN] MEI ENTWERTEN SIN MEIGLECH
Mat wéiengen Weltregiounen ...
172... hu mir Interessi Geschäfter ze maachen?
173 Wéiengen missten mir hëllefen?
174 Mat wéiengen hu mir geschichtlech a kulturell Relatiounen?
175 Wéieng si fir eis, op die eng oder aner Manéier, eng Bedrohung?
176 Wéieng hun d'Rohstoffer déi fir eis Wirtschaft onbedéngt noutwendeg sin?

| | 172 | 173 | 174 | 175 | 176 |
|---|---|---|---|---|---|
| - Afrika | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| - Südamerika | 2 | 2 | 2 | 2 | 2 |
| - Indien, Pakistan | 3 | 3 | 3 | 3 | 3 |
| - Japan | 4 | 4 | 4 | 4 | 4 |
| - Nordamerika (Vereenegt Staaten, Kanada) | 5 | 5 | 5 | 5 | 5 |
| - Mëttleren Orient | 6 | 6 | 6 | 6 | 6 |
| - Sowjet-Unioun an aner Osteuropäesch Länner | 7 | 7 | 7 | 7 | 7 |
| - Länner aus Westeuropa | 8 | 8 | 8 | 8 | 8 |
| - Süd-Ost Asien | 9 | 9 | 9 | 9 | 9 |
| - China | X | X | X | X | X |
| - Keng Entwert | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |

177. An wéiengem Moos, hut Dir schon un d'Problemer vun den armen Länner an Afrika, Südamerika, Asien... geduecht. Hut Dir schon vill, zimlech, e wéineg oder bal nët drun geduecht?

1 - vill
2 - zimlech
3 - e wéineg
4 - bal nie
0 - ?

Et gin verschidden Ausdréck gebraucht fir déi arm Länner aus Asien, Afrika, Südamerika an esou virun, ze bezeechnen. Zum Beispill gët gesot: Länner am Entwécklungsstadium, arm Länner, ënnerentwéckelt Länner, Drëtt Welt. Fir de Rescht vum Interview, gebrauchen mir den Ausdrock "Drëtt Welt".

178. Hut Dir an der lescht eppes iwwer Länner vun der Drëtter Welt an den Zeidongen geliés oder um Radio héieren?

1 - Jo
2 - Ne
0 - ?

179. Am Allgemengen, gêif Dir soen dat Zeidongen, de Radio an Televisioun zevill Informatiounen iwwert Situation vun dësen Länner gin, ze wéineg Informatioun oder grad esou vill wéi et muss sin?

1 - ze vill
2 - ze wéineg
3 - grad esou vill wéi et muss sin
0 - ?

180. Arer Menong no, d'Bild wat een eis vun dësen Länner gët, entsprëcht dat der Realitéit?

1 - Jo
2 - Nee
3 - dat hängt dervun of (SPONTAN)
0 - ?

KODEUR: WEIDER AN D'LOCHKAART NUMMER 2

210/ 224. Et héiert een vill Saachen iwwert Länner vun der Drëtter Welt. Fir all Saatz deen elo kënnt, kënnt Dir mir soen ob Dir ganz averstanen sid, eenégermoossen averstanen, éischter nët averstanen oder guer nët averstanen? KAART H WEISEN

| | ganz averstanen | eenéger-moossen averstanen | éischter nët averstanen | guer nët averstanen | ? |
|---|---|---|---|---|---|
| 210. Si hun een ganz ongënschtegen Klima | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 211. An der Vergangenheet huet Kolonisatioun sie verhënnert sech ze entwéckelen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 212. Sie gin vun denen entwéckelten Länner, ewéi mir, ausgebeut | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 213. Sie wëllen nët schaffen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 214. Hir Bevölkerung wiest ze schnell | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 215. Et gelénqt hinnen nët e festen Regim ze hun | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 216. Eng Minoritéit vun Räichen beut sie aus | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 217. Sie waren méi glécklech, wéi sie koloniséiert waren | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 218. Sie fäncken un eis, mat hieren Produkter Konkurrenz ze maachen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 219. Et as eng moralesch Pflicht fir eis hinnen ze hëllefen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 220. Sie sin mat Problemer konfrontéiert, wou déi europäesch Länner Joerhonnerten gebraucht hun, fir se ze iwwerwannen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 221. Et as an eisem Interessi fir hinnen ze hëllefen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 222. Egal wat ee mécht fir hinnen ze hëllefen, et wärt hinnen nie gelénqen aus hirem Aarmut eraus zekommen | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 223. Et muss een se ennerstëtzen sech op hir Manéier ze entwéckelen anstatt dat se sichen ze maachen ewéi mir | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |
| 224. Mir Europäer hun och vill Saachen aus den Bevölkerungen vun dësen Länner ze léieren | 1 | 2 | 3 | 4 | 0 |

225. Verschidden Leit sin dofir, an aner dergéint fir de Länner aus der Drëtter Welt ze hëllefen. Dir perséinlech sid Dir ganz dofir, zimlech dofir, zimlech dergéint, ganz dergéint?

1 - ganz dofir
2 - zimlech dofir
3 - zimlech dergéint
4 - ganz dergéint
0 - ?

226. Wat heescht fir Iech "eppes maachen" fir Länner vun der Drëtter Welt? Nennt mir déi dräi wichtegst Saachen vun dëser Lëscht KAART I WEISEN 3 ENTWERTEN MEIGLECH

1 - Kleng Projekter ennerstëtzen, déi direkt opt Liewen vun de Leit wierken (Waasserpëtzen, kleng landwirtschaftlech Material, Dispensairen)
2 - Grouss Projekter finanzéieren, déi eng Industrialiséierung erméiglechen
3 - Liewensmëttel schécken
4 - Qualifizéiert Leit an die aner Länner schaffen schécken
5 - D'Leit déi aus denen Länner sin hei ausbilden, dat si dann eng méi nëtzlech Roll bei hinnen spillen kënnen
6 - Méi Produkter aus dësen Länner kafen
7 - De Produkter déi aus dësen Länner kommen en anstännechen Präis garantéieren, och wa Präisser dofir hei an d'Luucht gin
8 - De Leit d'Equipementer an déi néideg Ausbildung gin, datt et hinnen do wou se wunnen méiglech as fir hiren eegenen Ennerhalt op ze kommen an méi selbstännech ze gin
9 - Virun allem drop oppassen datt déi europäesch Hëllef fir dës Länner wirklech denen Bevölkerungsdeeler hëlleft déi am ärmsten sin
0 - ?

227. Ausser denen Saachen, déi Dir an den Zeidongen konnt liésen oder op der Televisioun konnt gesin, wéieng Erfahrung, hut Dir perséinlech mat de Länner aus der Drëtter Welt? KAART J WEISEN MEI ENTWERTEN SIN MEIGLECH.

1 - Dir wart als Tourist an engem oder méi vun dëse Länner
2 - Dir hut een oder méi vun dëse Länner fir eng aner Ursaach wéi Tourismus besicht
3 - Dir hut an engem oder méi vun dëse Länner gelieft
4 - Een aus ärer Famill huet an engem oder méi vun dëse Länner gelieft
5 - Bei Are Kanner an der Schoul sin Kanner, wou d'Famill aus engem vun dëse Länner kënnt
6 - Op Arer Aarbecht oder an Arem Quartier begéint Dir Leit déi aus dëse Länner kommen
7 - Dir hat oder hut am Moment Frënn oder perséinlech Beziehungen mat Leit aus dëse Länner
8 - Eng aner Erfahrung: OPSCHREIWEN .....
.....
9 - Näischt vun dësen Saachen
0 - ?

228. An der Géigend, wou dir wunnt, géift Dir soen dat do vill Leit, zimlech vill, wéineg oder guer keng Leit liewen, déi aus Länner aus der Drëtter Welt kommen?
1 - vill
2 - zimlech vill
3 - wéineg
4 - guer keng
0 - ?

229. Fannt Dir dat Lëtzebuerg fir déi Leit, déi aus de Länner vun der Drëtter Welt kommen an déi hei liewen, zevill, nët genuch oder just wat muss sin, mécht?
1 - ze vill
2 - nët genuch
3 - just dat wat muss sin
0 - ?

230. Hut Dir d'Gefill datt an denen nächsten 10 bis 15 Joer, dat wat an de Länner aus der Drëtter Welt passéiert, d'politesch an d'ekonomesch Situatioun, Bevölkerungswuestum etc, en Afloss op eis d'Liewen zu Lëtzebuerg kann hun?
1 - jo
2 - nee
0 - ?

231/ 232. Esou vill Dir wësst, kréien d'Länner aus der Drëtter Welt Hëllef ...
[KAART K WEISEN] ENG ENTWERT FIR ALL PUNKT

| | 231 JO | 232 NEE | ? |
|---|---|---|---|
| - ... vun der Lëtzebuerger Regierung | 1 | 1 | 1 |
| - ... vun der Europäescher Gemeinschaft | 2 | 2 | 2 |
| - ... vun internationalen Organisatiounen ewéi d'UNO (Organisatioun vun de Vereenten Natiounen) | 3 | 3 | 3 |
| - ... durch Investissementer vu Betrieber an Industrien | 4 | 4 | 4 |
| - ... durch d'Aktioun vu privaten Associatiounen | 5 | 5 | 5 |

233. Aus dëser Lëscht hei, wien gët do, Ärer Menong no, déi nëtzlechst Hëllef?
[KAART L WEISEN] NEMMEN ENG ENTWERT
1 - d'Lëtzebuerger Regierung
2 - d'Europäesch Gemeinschaft
3 - international Organisatiounen ewéi d'UNO (Organisatioun vun den Vereenten Natiounen)
4 - d'Betrieber and d'Industrien
5 - privat Associatiounen
6 - Keng vun dësen Institutiounen oder Organisatiounen
0 - ?

234 Et gët verschidden Sorten vu Länner aus der Drëtter Welt [KAART M WEISEN]. Ärer Menong no, wéienger d'Sort vun denen Länner misst een am meeschten hëllefen? NEMMEN ENG ENTWERT
1 - denen ärmsten Länner
2 - denen Länner wou mir vun den Rohstoffer ofhängeg sin
3 - denen Länner déi vill Produkter kafen
4 - denen Länner déi fir eis aus politësch oder militäreschen Ursaachen e stratégeschen Interessi hun
0 - ?

235. Wann een Iech elo géif soen, dat 1 % vun Ärem Gehalt ofgehalen géif gin, fir de Länner aus der Drëtter Welt besser ze hëllefen, wärt Dir averstanen oder nët?
1 - averstanen
2 - nët averstanen
0 - ?

236. Huet Dir, während denen leschten 2 Joer, enger Organisatioun gehollef déi sech em d'Länner vun der Drëtter Welt bekëmmert, siéf et mat Suen oder op soss eng Manéier?
1 - Jo
2 - Nee
0 - ?

237. Elo géif ech Iech gären froen, op Dir denkt dat d'Hëllef, déi mir fir d'Länner aus der Drëtter Welt gin, méi grouss misst gin, selwecht misst bleiwen oder méi kleng misst gin?
1 - méi grouss
2 - selwecht bleiwen
3 - méi kleng
0 - ?

238. Bis elo, hu mir de Länner aus der Drëtter Welt gehollef, an dat an enger Period wou de Liewensstandard zu Lëtzebuerg an d'Luucht gaangen as. Wann elo eisen eegenen Liewensstandard ophaalen géif an d'Lucht ze goen, denkt Dir dat mir virun fueren missten den Länner aus der Drëtter Welt Hëllef ze gin, d'Hëllef méi kleng maachen oder d'Hëllef stoppen?
1 - virun fueren
2 - méi kleng maachen
3 - stoppen
0 - ?

239/ 240. Hei as eng Lëscht mat Organisatiounen, déi sech drëm bekëmmeren de Länner aus der Drëtter Welt ze hëllefen?
[KAART N WEISEN] MEI ENTWERTEN SIN MEIGLECH
239. a) Vun wéiengen hut Dir schon eppes héieren?
240. b) Wéieng géif Dir ennerstëtzen, wann een Iech eventuell géif froen?

| | 239 | 240 |
|---|---|---|
| - Bridderlech Delen | 1 | 1 |
| - Association Luxembourgeoise des Fondations Raoul Follereau (aide aux lépreux) | 2 | 2 |
| - Jongbaueren a Jongwenzer | 3 | 3 |
| - Pro ninos pobres | 4 | 4 |
| - Société Kolping du Grand-Duché de Luxembourg | 5 | 5 |
| - AFC - Solidarité Tiers Monde | 6 | 6 |
| - Terre des Hommes | 7 | 7 |
| - Aide à l'enfance de l'Inde | 8 | 8 |
| - Oeuvre de Mère Teresa | 9 | 9 |
| - Hogar de Christo | X | X |
| - Autres Organisations NOTER: ..... | Y | Y |
| - ? | 0 | 0 |

241. Sid Dir am Allgemengen dofir oder dergéint datt probéiert gët Westeuropa ze vereenegen?
Sid Dir ...
1 .. ganz dofir
2 .. éischter dofir
3 .. éischter dergéint
4 .. ganz dergéint
0 .. ?

242. Datt Lëtzebuerg an der Europäescher Gemeinschaft as, fannt Dir dat am Allgemengen ...
1 .. eng gutt Saach
2 .. eng schlecht Saach
3 .. weder eng gutt nach eng schlecht Saach
0 .. ?

243. Am Laaf vun denen leschten 12 Méint, as do Ärer Menong no, d'Verständnegung tëschent de Länner aus der Europäescher Gemeinschaft (Marché Commun) am Grousse ganzen...
1 .. éischter virugaangen
2 .. éischter zeréckgaangen
3 .. d'selwecht bliwen
0 .. ?

244. Wann een Iech muer géif soen, dat d'Europäesch Gemeinschaft opgelëist géif gin, géingt Dir dat staark bedaueren, wär Iech dat egal oder wär Dir séier erliichtert?
1 - staark bedaueren
2 - et wär egal
3 - ech wär séier erlichtert
0 - ?

245. Hut Dir an leschter Zäit eppes an den Zeidongen geliëss oder um Radio oder Televisioun eppes iwwer d'Europäesch Parlament héieren, dat heescht iwwer d'Parlament vun der Europäescher Gemeinschaft (Marché Commun)?
1 - Jo
2 - Nee Fro 247
0 - ?

246. WA JO: Kënnt Dir Iech erënneren wouriwwer et do gaangen as? (NET DRÄNGEN, NÄISCHT VIRSCHLOEN, MIR BRAUCHEN NET MEI EWEI ENG ENTWERT: WANN DE KODE 1 ZOUTREFFT BRAUCHT DIR NEMMEN DE KODE 1 ZE EMKREESEN)
1 - Wahlen vun den Memberen vum Europaparlament
2 - aner Entwert: OPSCHREIWEN.....
.....
0 - ?

Am Juni 1984, gin d'Biirger aus de Länner vun der Euorpäescher Gemeinschaft opgeruff, d'Lëtzebuerger abegraff, fir d'Députéierten vum Europaparlament ze wielen.

247. Loosse mer unhuelen datt wiélen goen hei zu Lëtzebuerg nët obligatoresch wär: Souwäit wéi Dir et elo schon soen kënnt, géif Dir bei denen nächsten Europawahlen sécher oder wahrscheinlech stëmmen oder géift Dir sécher oder wahrscheinlech nët stëmmen goen?
1 - géif sécher stëmmen
2 - géif wahrscheinlech stëmmen
3 - géif wahrscheinlech nët stëmmen
4 - géif sécher nët stëmmen
5 - dat hängt dovun of (SPONTAN)
0 - ?

248. Wat fir eng vun denen folgenden Menongen gläicht Ärer Menong iwwer d'Wahlen vum Europaparlament am meeschten? KAART O WEISEN

1 - Et as en ganz wichtege Schrëtt deen ganz bestëmmt d'Vereenegung vun Europa an der Politik virun dreiwt
2 - Et as onwichteg, wëll déi national Regierungen sech nët duerch Stëmmen am Europaparlament gebonnen fillen
0 - ?

249. Wat d'Problemer ugeet, déi Europa am Moment huet, mengt Dir datt d'Europaparlament do vill, zimlech vill, wéineg oder ganz wéineg maachen kann?
1 - vill
2 - zimlech vill
3 - wéineg
4 - ganz wéineg
0 - ?

250. Dir selwer, hätt Dir gären dat d'Europaparlament eng méi wichteg Fonktioun oder eng manner wichteg Fonktioun soll hun, wéi bis elo?
1 - méi wichteg
2 - manner wichteg
3 - et soll selwecht bleiwen (SPONTAN ENTWERT)
0 - ?

251/253. Hei sin Saachen déi een iwwert Europaparlament héiert. Kënnt Dir mir vir all Punkt soen, op Dir éischter averstanen oder éischter nët averstanen sid?
(ENG ENTWERT FIR ALL PUNKT)

| | Eischter averstanen | Eischter nët averstanen | ? |
|---|---|---|---|
| 251. D'Europaparlament misst méi Kontrol iwwer d'Fonktionnement an iwwer de Budget vun der Europäescher Gemeinschaft hun | 1 | 2 | 0 |
| 252. Am Moment sin d'europäesch Deputéierten wierklech ze vill wäit eweg vun dem wat d'Leit ugeet, déi sie gewiélt hun | 1 | 2 | 0 |
| 253. Déi europäesch Deputéierten, déi elo gewiélt gin, missten als éischt Ziel hun d'Länner vun der Gemeinschaft politesch ze vereenegen mat enger europäescher Regierung déi sech virum Europaparlament verantworten muss. | 1 | 2 | 0 |

254. Wann Dir ënner Frënn sid, kënnt et Iech dann dacks, heiansdo, oder nie fir, iwwert Politik ze schwätzen?
1 - dacks
2 - heiansdo
3 - nie
0 - ?

255. KAART P WEISEN Wann et iwwert Politik geet, schwätzen d'Leit vu "Rechts" a "Lénks". Wou géif Dir Iech selwer unhand vun desem Skalaire situéieren?
NÄISCHT VIRSCHLOEN: P.I. MUSS SECH AN ENG CASE ASETZEN. WANN SIE ZECKT, DROP HALEN.

LENKS 1 2 3 4 5 6 7 8 9 X 10 RECHTS

? = blank

256. KAART Q WEISEN Op dëser Kaart gesid Dir dräi fundamental Haltungen déi ee vis-à-vis vun der Gesellschaft an der mir liewen kënnt hun. Wat fir eng vun denen dräi Haltungen kënnt am meeschten op déi eraus, déi Dir perséinlech fir richteg haalt? NEMMEN ENG ENTWERT

1 - d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin
2 - eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin
3 - eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglech subversiv Kräften verdeedegt gin (déi probéieren géifen sie émzestierzen)
0 - ?

| | | |
|---|---|---|
| 257. | Gët et eng politesch Partei der Dir méi no stitt ewéi enger anerer?<br>WA JO: Fillt Dir Iech ganz staark mat déser Partei verbonnen, zimlech verbonnen oder sympathiséiert Dir nëmmen? | 1 - staark verbonnen<br>2 - zimlech verbonnen<br>3 - ech sympathiséieren nëmmen<br>4 - ech stin kenger Partei no<br>0 - ? |
| 258. | Ofgesin dervun op Dir an d'Kiirch git oder nët, géif Dir soen dat Dir... | 1 .. religiés sid<br>2 .. nët religiés sid<br>3 .. en iwwerzeegten Athéist sid<br>0 .. ? |
| 259. | Alles an allem: kënnt Dir mir soen wéi et Iech am Moment geet? Fillt Dir Iech ganz glécklech, zimlech glécklech oder nët ganz glécklech? | 1 - ganz glécklech<br>2 - zimlech glécklech<br>3 - nët ganz glécklech<br>0 - ? |
| 280. | Wat as Ar Religioun? | 1 - kathoulesch<br>2 - protestantesch<br>3 - aner WEINEG .....<br>4 - guer keng<br>0 - ? |
| 260. | Wéi ass Aren Zivilstand, sid Dir ... | 1 - Jonggesell<br>2 - bestued<br>3 - lieft Dir zesummen<br>4 - sid Dir gescheed<br>5 - lieft Dir getrennt<br>6 - sid Dir Wittmann/fra |
| 261. | Wéi al waart Dir wéi Dir mat Arer (ganztäglechen) Studien opgehalen hut? | 1 - bis 14 Joer<br>2 - 15 Joer<br>3 - 16 Joer<br>4 - 17 Joer<br>5 - 18 Joer<br>6 - 19 Joer<br>7 - 20 Joer<br>8 - 21 Joer<br>9 - 22 Joer oder méi<br>X - studéiert nach |
| 262. | Wann am Moment hei zu Lëtzebuerg Chamberwale géife gehale gin, wat fir enger Partei géift Dir dann di meeschte Stëmmen gin? KAART PARTEIEN WEISEN | 1 - C.S.V.<br>2 - L.S.A.P.<br>3 - D.P.<br>4 - K.P.<br>5 - P.S.I.<br>6 - écologistes<br>7 - aner Partei<br>8 - wäiss/kéng Partei<br>0 - ? |
| 266. | Geschlecht P.I. | 1 - Mann<br>2 - Fra |
| 267/8 | Wéini gebuer? 19.. | An wéi al? ... Joer |
| 269. | Wéivill Leit liewen an Arem Stot, Dir selwer abegraff? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| 270. | Wéivill Kanner tëschent 8 a 15 Joer? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| 271. | Wéivill Kanner énnert 8 Joer? | 1 2 3 4 5 6 7 8 9 oder méi |
| 272. | Mir wëllen d'Resultater vun déser Etude am Vergläich zum Familjenakommes vun de Leit analysëieren. Hei ass eng Monatsakommestabell. KAART AKOMMES WEISEN. Mir géife gäre wëssen op wat fir e Niveau Dir Iech situéiert mat alle Verdéngschter an Arem Stot, ewéi Lën, Kannergeld, Renten an aner Akommes zesummen, an dat Brutto, also ouni dass d'Steieren an d'Sozialaaschten ofgehale sin. Sot mir nëmmen d'Nummer vun der Kategorie. | 1 Manner ewéi 20.000 Frang am Mount<br>2 20.000 bis 29.999 Frang am Mount<br>3 30.000 bis 34.999 Frang am Mount<br>4 35.000 bis 39.999 Frang am Mount<br>5 40.000 bis 44.999 Frang am Mount<br>6 45.000 bis 54.999 Frang am Mount<br>7 55.000 bis 64.999 Frang am Mount<br>8 65.000 bis 79.999 Frang am Mount<br>9 80.000 bis 94.999 Frang am Mount<br>X 95.000 bis 109.999 Frang am Mount<br>Y 110.000 a méi am Mount |
| 273. | BERUFF VUM P.I. OPSCHREIWEN AN KODEIEREN<br>..... | 1 - Bauer oder Wënzer<br>2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel<br>2 - Commerçant, Artisan, Patron<br>4 - Aarbechter<br>5 - Employee oder Fonktionnär bis cadre moyen<br>6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur<br>7 - Pensionnéierten<br>8 - Hausfra/mann<br>9 - Schüler, Student, Militärservice<br>0 - Chômeur |
| 274. | NEMMEN WANN DE P.I. E BERUFF HUET<br>Wéivill Leit schaffen do wou Dir schafft? | 1 - manner ewéi 5<br>2 - 5 bis 49<br>3 - 50 bis 499<br>4 - 500 a méi |
| 275. | Sid Dir de Familjenvirstand? | 1 Jo → NÄCHST FRO IWERSCHLOEN<br>2 Nee |
| 276. | BERUFF VUM FAMILJENVIRSTAND?<br>..... | 1 - Bauer oder Wënzer<br>2 - Fräiberuffler: Dokter, Affekot, Expert-Comptabel<br>3 - Commerçant, Artisan, Patron<br>4 - Aarbechter<br>5 - Employee oder Fonktionnär bis cadre moyen<br>6 - Employee oder Fonktionnär cadre supérieur<br>7 - Pensionnéierten<br>8 - Hausfra/mann<br>9 - Schüler, Student, Militärservice<br>0 - Chômeur |

277.

| | | | |
|---|---|---|---|
| 0 - Berg | 1 - Bascharage | 0 - Bettborn | 0 - Betzdorf |
| 0 - Heffingen | 2 - Bettembourg | 0 - Bettendorf | 0 - Dalheim |
| 0 - Larochette | 3 - Differdange | 2 - Diekirch | 1 - Echternach |
| 5 - Luxembourg | 3 - Dudelange | 0 - Ell | 1 - Grevenmacher |
| 1 - Mersch | 4 - Esch | 2 - Ettelbrück | 0 - Manternach |
| 1 - Strassen | 0 - Frisange | 0 - Feulen | 0 - Remich |
| 2 - Walferdange | 0 - Hobscheid | 0 - Hosingen | 0 - Stadtbredimus |
| 2 - Hesperange | 2 - Kayl | 0 - Mertzig | 0 - Wormeldange |
| | 1 - Kopstal | 0 - Munshausen | |
| | 2 - Mamer | 0 - Neunhausen | |
| | 1 - Mondercange | 0 - Weiswampach | |
| | 3 - Pétange | 0 - Wilwerwiltz | |
| | 3 - Sanem | | |
| | 2 - Schifflange | | |
| | 0 - Septfontaines | | |

278. Géift Dir soen dat Dir wunnt an enger ...

1 .. ländlecher Géigend; Duerf
2 .. klenger oder mëttelgrousser Stad
3 .. grousser Stad

279. 1 - ZENTRUM 2 - SUDEN 3 - NORDEN 4 - OSTEN

REMARKEN VUM ENQUETEUR IWWER:
- de Verlaaf vum Interviewgespréich:

- d'Reaktiounen vum P.I. op dem Questionnaire an d'Gespréichsthemen:

# K A A R T A

- 100 - Weltkrich sécher

- 90 -

- 80 -

- 70 -

- 60 -

- 50 -

- 40 -

- 30 -

- 20 -

- 10 -

- 0 - keng Krichsgefor

# K A A R T B

## ONOFHÄNGEG BESCHAEFTEGUNG

01 Bauer (Betrieb vun manner ewéi 15 Hectares)
02 Bauer (Betrieb vun méi ewéi 15 Hectares)
03 Commerce, Industrie, Handwierk (Personal bis 5 Leit)
04 Commerce, Industrie, Handwierk (Personal 6 oder méi Leit)
05 Freiberuffler den op sech schafft (Dokter, Expert-Comptabel, Affekot, etc..)

## SALARIEIERT, MANUEL BESCHÄFTEGUNG

06 qualifizéierten Aarbechter
07 onqualifizéierten Aarbechter

## SALARIEIERT, NET-MANUEL BESCHÄFTEGUNG

08 Freiberuffler den ugestallt as (Doktor, Expert-Comptabel, Affekot etc..)
09 Cadre supérieur am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 5 oder manner Leit ënnert sech)
10 Cadre supérieur am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 6 oder méi Leit ënnert sech)
11 Cadre moyen am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 5 oder manner Leit ënnert sech)
12 Cadre moyen am Privatsekter oder öffentlechen Déngscht (mat 6 oder méi Leit ënnert sech)
13 Aner Salariéierten déi an engem Bureau schaffen
14 Aner Salariéierten déi nët an engem Bureau schaffen

## OUNI BEZUELTEN BESCHÄFTEGUNG

15 am Moment ouni Aarbecht
16 Hausfra, (déi nëmmen am Haus schafft, déi keng Rent oder soss en Akommes huet)
17 Student, nach am gaangen ze studéieren
18 Pensionnéiert
19 aner Fäll

# K A A R T C

- as nët an d'Schoul gaangen: huet seng Primärschoul nët färdech gemaach.

- huet mat 16 Joer oder virdrun mat den ganztäglechen Studien opgehaalen an huet keng weider Studien gemaach.

- huet mat 17, 18 oder 19 Joer mat den ganztäglechen Studien opgehaalen an huet keng weider Studien gemaach.

- huet nach no 19 Joer studéiert, awer nët op enger Universitéit, Héichschoul, oder Fachschoul.

- huet nach no 19 Joer studéiert op enger Universitéit, Héichschoul oder Fachschoul.

# KAART D

- d'Uerdnung am Land ze behalen

- de Bierger d'Méiglechkeet ze gin fir méi un denen wichtegen Entschedongen vun der Regierung deel ze huelen

- géint Präissteigerungen ze kämpfen

- d'Fräiheet vun der Ried ze garantéieren (fir datt jidfereen dat soen a schreiwen kann, wat hien denkt)

# KAART E

| 1 | 2 | 3 | 4 | 5 | 6 | 7 |
|---|---|---|---|---|---|---|
| arm | | | | | | räich |

# K A A R T F

- D'Ennerscheeder zwëschen den Regiounen vum Land méi kleng maachen, andem denen manner entwëckelten Regiounen oder déi die an der Kris sin, gehollef gët.

- D'Energieversuergung garantéieren.

- Et esou maachen dat et manner ganz räich an manner ganz arm Leit gët.

- Géint den Terrorismus kämpfen.

- Denen armen Länner an Afrika, Südamerika an Asien hëllefen.

- Géint de Chômage kämpfen.

- D'Interessen vun Lëtzebuerg vis-à-vis vun den Supermächten (USA an Sowjet-Union) verdeedegen.

- D'Natur schützen an géint Verschmotzung kämpfen.

- Eis militäresch Verdeedegungskapazitéiten verstärken, géint eventuell Feinden.

# K A A R T G

- Afrika
- Südamerika
- Indien, Pakistan
- Japan
- Nordamerika (Vereenegt Staaten, Kanada)
- Mëttleren Orient
- Sowjet-Union an aner Osteuropäesch Länner
- Länner aus Westeuropa
- Süd-Ost Asien
- China
- Keng Entwert

# K A A R T H

- Si hun een ganz ongënschtegen Klima

- An der Vergangenheet huet Kolonisatioun sie verhënnert sech ze entwéckelen

- Sie gin vun denen entwéckelten Länner, ewéi mir, ausgebeut

- Sie wëllen nët schaffen

- Hir Bevölkerung wiest ze schnell

- Et geléngt hinnen nët e festen Regim ze hun

- Eng Minoritéit vun Räichen beut sie aus

- Sie waren méi glécklech, wéi sie koloniséiert waren

- Sie fäncken un eis, mat hieren Produkter Konkurrenz ze maachen

- Et as eng moralesch Pflicht fir eis hinnen ze hëllefen

- Sie sin mat Problemer konfrontéiert, wou déi europäesch Länner Joerhonnerten gebraucht hun, fir se ze iwwerwannen

- Et as an eisem Interessi fir hinnen ze hëllefen

- Egal wat ee mécht fir hinnen ze hëllefen, et wärt hinnen nie geléngen aus hirem Armut eraus zekommen

- Et muss een se enerstëtzen sech op hir Manéier ze entwéckelen anstatt datt se sichen ze maachen ewéi mir

- Mir Europäer hun och vill Saachen aus den Bevölkerungen vun dësen Länner ze léieren

# K A A R T I

- Kleng Projekter ennerstëtzen, déi direkt op d'Liewen vun de Leit wierken (Waasserpëtzen, kleng landwirtschaftlech Material, Dispensairen)

- Grouss Projekter finanzéieren, déi eng Industrialiséierung erméiglechen

- Liewensmëttel schécken

- Qualifizéiert Leit an die aner Länner schaffen schécken

- D'Leit déi aus denen Länner sin hei ausbilden, datt sie dann eng méi nëtzlech Roll bei hinnen spillen kënnen

- Méi Produkter aus dësen Länner kafen

- De Produkter déi aus dësen Länner kommen en anstännechen Präis garantéieren, och wa Präisser dofir hei an d'Luucht gin

- De Leit d'Equipementer an déi néideg Ausbildung gin, datt et hinnen do wou se wunnen méiglech as fir hiren eegenen Ennerhalt op ze kommen an méi selbstännech ze gin

- Virun allem drop oppassen datt déi euorpäesch Hëllef fir dës Länner wiirklech denen Bevölkerungsdeeler hëlleft déi am ärmsten sin

# K A A R T J

- Dir wart als Tourist an engem oder méi vun dëse Länner

- Dir hut een oder méi vun dëse Länner fir eng aner Ursaach wéi Tourismus besicht

- Dir hut an engem oder méi vun dëse Länner gelieft

- Een aus ärer Famill huet an engem oder méi vun dëse Länner gelieft

- Bei Äre Kanner an der Schoul sin Kanner, wou d'Famill aus engem vun dëse Länner kënnt

- Op Ärer Aarbecht oder an Ärem Quartier begéint Dir Leit déi aus dëse Länner kommen

- Dir hat oder hut am Moment Frënn oder perséinlech Beziehungen mat Leit aus dëse Länner

# K A A R T K

- vun der Lëtzebuerger Regierung

- vun der Europäescher Gemeinschaft

- vun internationalen Organisatiounen ewēi d'UNO (Organisatioun vun de Vereenten Natiounen

- durch Investissementer vu Betrieber an Industrien

- durch d'Aktioun vu privaten Associatiounen

K A A R T L

- D'Lëtzebuerger Regierung

- D'Europäesch Gemeinschaft

- International Organisatiounen ewéi d'UNO (Organisatioun vun den Vereenten Natiounen)

- D'Betrieber and d'Industrien

- Privat Associatiounen

- Keng vun dësen Institutiounen oder Organisatiounen

KAART **M**

- denen ärmsten Länner

- denen Länner wou mir vun den Rohstoffer ofhängeg sin

- denen Länner déi vill Produkter kafen

- denen Länner déi fir eis aus politësch oder militäreschen Ursaachen e stratégeschen Interessi hun

# KAART N

- Bridderlech Delen

- Association Luxembourgeoise des Fondations Raoul Follereau (aide aux lépreux)

- Jongbaueren a Jongwenzer

- Pro ninos pobres

- Société Kolping du Grand-Duché de Luxembourg

- AFC - Solidarité Tiers Monde

- Terre des Hommes

- Aide à l'enfance de l'Inde

- Oeuvre de Mère Teresa

- Hogar de Christo

# K A A R T O

- Et as en ganz wichtege Schrëtt deen ganz bestëmmt d'Vereenegung vun Europa an der Politik virun dreiwt

- Et as onwichteg, wëll déi national Regierungen sech nët duerch Stëmmen am Europaparlament gebonnen fillen

# KAART P

LENKS 1 2 3 4 5 6 7 8 9 10 RECHTS

# K A A R T Q

- d'Organisatioun vun eiser jetzeger Gesellschaft muss radikal duerch eng revolutionnär Aktioun geännert gin

- eis Gesellschaft muss Schrëtt fir Schrëtt duerch Reformen verbessert gin

- eis Gesellschaft muss mat Courage géint all méiglech subversiv Kräften verdeedegt gin (déi probéieren géifen sie ëmzestierzen)

# K A A R T  P A R T E I E N

- C.S.V.
- L.S.A.P.
- D.P.
- K.P.
- P.S.I.
- ECOLOGISTES
- ANER PARTEI
- WÄISS/KENG PARTEI

# K A A R T  A K O M M E S

1 - manner ewēi 20.000 frang am mount

2 - 20.000 bis 29.999 frang am mount

3 - 30.000 bis 34.999 frang am mount

4 - 35.000 bis 39.999 frang am mount

5 - 40.000 bis 44.999 frang am mount

6 - 45.000 bis 54.999 frang am mount

7 - 55.000 bis 64.999 frang am mount

8 - 65.000 bis 79.999 frang am mount

9 - 80.000 bis 94.999 frang am mount

x - 95.000 bis 109.999 frang am mount

y - 110.000 a méi am mount